ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Interview am *tageblatt* (21. Mee 2021) mat der Directrice vun der „Eltereschoul Janusz Korczak" gëtt d'Fro gestallt: „Wäre es Ihrer Meinung nach sinnvoll, dass Eltern einen Elternführerschein machen sollen, bevor sie auf Kinder losgelassen werden?", wourop d'Directrice vun der Eltereschoul äntwert: „Ich finde, dass man so was auf jeden Fall machen sollte." Am gläichen Interview heescht et am Hibléck op d'Mataarbechterinne vun der Eltereschoul: „Auf manchen Spielplätzen im Land kann man Mitarbeiter von euch in gelben Westen antreffen..." A weider seet d'Directrice vun der Eltereschoul: „Wir stehen abends vor verschiedenen 'Maisons relais' und sprechen die Eltern an, die ihre Kinder dort abholen."

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi steet d'Madamm Minister zur Ausso vun der Directrice vun der Eltereschoul, datt d'Elteren op alle Fall een Elterefführerschäin maache sollten, ier se op d'Kanner "lassgelooss ginn"?
2) Ass geplangt, den Elteren iergendwann d'Méiglechkeet ze ginn, esou een Elterefführerschäin ze maachen? Wa jo, wéi soll dat an der Praxis ausgesinn?
3) Wéi steet d'Madamm Minister zur Tatsaach, datt Mataarbechterinne vun der Eltereschoul op Spillplaze ginn a virun de 'Maisons relais' waarden, fir do Gespréicher mat den Elteren unzefänken? Kann een hei net vun enger staatlech toleréierter oder souguer ënnerstëtzter Améschung an d'Privatsphär vun den Eltere schwätzen? Wat fir ee Message versichen d'Mataarbechterinne vun der Eltereschoul den Elteren op dësem Wee ze vermëttelen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten